26203736

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe Parlementaire

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, Um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
12 DEC. 2013
21

Lëtzebuerg, den 12. Dezember 2013

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës Fro un den Här Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukturen weiderzeleeden.

*D'Stad Lëtzebuerg huet als eenzeg Gemeng am Land eng Reewaassertax agefouert, déi am Taxereglement als Tax fir „redevances de scellement des sols" gefouert gëtt. D'Taxereglement vun der Stad Lëtzebuerg gesäit ausdrécklech vir, datt dës Tax och vum Staat (secteur étatique) muss bezuelt ginn.*

*Wéi aus dem Gemengerot aus der Stad Lëtzebuerg ze héieren ass, hätt de Ministère fir nohalteg Entwécklung eng Schold vu ronn 2,5 Milliounen Euro bei der Gemeng, wat d'Reewaassertax aus de Joren 2011, 2012 an 2013 betréfft. De Ministère géif dës Tax virum Geriicht kontestéieren.*

*Eng weider Schold wéinst der Reewaassertax fir déiselwecht Period betréfft d'Administration de la Navigation aérienne: e Montant vu 700 000 Euro wier dës der Stad Lëtzebuerg schëlleg.*

*Dowéinst erlaben ech mer, dem Här Minister dës Froen ze stellen:*

1. *Ass et korrekt, datt de Ministère d'Reewaassertax fir d'Joren 2011, 2012 an 2013 juristesch kontestéiert huet? Wat waren d'Argumenter, fir dës Tax ze kontestéieren?*
2. *Hält déi aktuell Regierung dës juristesch Klo oprecht, oder wäert de Ministère fir nohalteg Entwécklung seng Scholde bei der Stad Lëtzebuerg bezuelen ?*
3. *Wat geschitt mat der Schold vun der Administration de la Navigation aérienne ?*
4. *Wéi steet d'Regierung allgemeng zur Reewaassertax? Soll d'Gemeng Lëtzebuerg dës Tax ofschafen oder sollen ieren aner Gemengen duerzou verleet ginn, dës och anzeféieren ?*

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding

Deputéierten